# WANDROUS

**LIONS BLEUS**
Ausgab N°382
**DEZEMBER-MEE**

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230** /// Paperless: **51** /**230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## LBB Kleeschen'22



## ! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !

**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**


# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir déch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier




## d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**, wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




**www.viking-adventures.de**

# CHEFFEN 2022-2023

## Simply present LBB-STAFF for 2022-2023:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)
FISCHER Manon (Tamia)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
ORELLANA Ruben (Reebou)
FLAMMANG Raphaël (Hawky)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)
FLAMMANG Adrien (Loup)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
PIRON Aleksis
DUARTE Lea
PEPIN Cédric
MAJERUS Ketty

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
PIRON Nicolas
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.


# Entdeckungssortie fir LX



Moien dir léif Wëllefcher,

Ech sinn d'Entdeckerin Olivia an dat ass mäin Brudder Hendrik. Mir wore grad ënnerwee d'Welt ze entdecken a hu vun iech héieren! Mir sinn ëmmer frou fir aner Léit matt eis ze huelen beim Entdecken. Hudd dir Loscht matt eis ze kommen wa mir nei Déieren a Plaatzen versichen ze fannen?

Dann mëllt iech séier un! A gemeinsam entdecke mir dann d'Welt!



**RDV:** den 11. März 23 um 10h ob der Gare Centrale
**Retour:** den 11. März 23 um 17h ob der Gare Centrale

**Präis:** **10 Euro** si bis den 25.02.2023 ob den Wëllefchers Konto: LU56 0019 4955 9099 1000 mat der Mentioun: Entdeckungssortie + Numm vum Kand ze iwwerweisen.

**Souche:** ass ofzeginn bis de 25.Februar !

**Waat brauch ech:** klenge Rucksack, Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, Foulard, Biergschung, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Mutz a Schaal, ...


**Heimadder mëllen ech gär .................................................... mäi Kand ......................................... fir d'Endeckungssortie den 11. März 2023 un.**



**Ënnerschrëft ..............................**

# **FNEL** Scouts **EXPLO - 18.-19.03**

Omammelikanner...den Dapp ass ob de Kapp gefall! Deen Aarmen huet de Kopplabunz geschloen an huet sech dobai verschat. Lo schengt et wei wann hien alles vergiess haett an en guer keng Scoutstechnik mei kennt.
Do brauche mir elo vill flaisseg an virbereet Scouten fir dem Dapp a senger Ekipp do ze hellefen.
Krop dir deng Patrull a ma dech prett, geschwenn ass et erem esou wait:
Den Explo steet virun der Dier.
Mell dech seier bei dengem Chef un fir, dass och du dobai kanns sinn an dem Dapp aus senger misslecher Laach eraus hellefen kanns!



**Rendez-Vous:** den 18. Märrz fir 11.00 op der Duerf Plaatz Berdorf
**Schluss:** den 19. März ze Iechternach bei der Jugendherberg um 15.30
(100 Rue Grégoire Schouppe, 6479 Echternach, Luxembourg)

**Waat brauch ech:** Waarme Schlofsak & Carymatt, Gamell, Bidon mat Waasser, PIQUE-NIQUE fir Samschdes Mëttes, dem Wieder ugepasste Kleeder, Wanterunifgorm an dem Scouts séng 7 Saachen.

**Präiss/Unmelldung:** **15€** sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 28.02.23 op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000) mat der Mentioun: EXPLO 2023 + Numm vum Scout

**Heimat erlaben ech** ..............................................................

**méngem Scout** ..............................................................

**um EXPLO vum 18.-19.03.2023 vun der FNEL deelzehuelen.**

**Ennerschreft:** ..............................................................

# Wikingercamp fir LX



Moien leif Wëllef,
Ech sinn d'Wicki a schécken iech heimadder eng wichteg Noriicht. Mer brauchen nei Rekruten / Wikinger, an zwar stark a schlau Wëllefcher.
Dir musst eis Hëllefen eisen Chief ass gefaange ginn. Nëmme mat ärer Hëllef kennen ma hien befreien.
Sidd dir dobäi? Komm dir dem Wicki hëllefen? Dann mellt iech séier un fir de Wikingercamp.





**RDV:** 1. Abrëll'23 um 10h ob der Gare Centrale
**Retour:** 3. Abrëll'23 um 17h ob der Gare Centrale

**Präis:** **45 Euro** si bis den 25.03.23 ob de Konto: LU56 0019 4955 9099 1000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: Wikingercamp + Numm vum Kand.
**Souche:** Oofzeginn bis den 25.03.2023!

**Waat brauch ech:** Rucksak, Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder, Pyjama, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Bidon, Biergschong, Foulard, Wäschsachen (Zännbicht, Zahnpasta etc ), Gamelle an natierlech **eng flott Wikingersverkleedung**!

Heimadder mëllen ech ........................................................................ main Kand ............................................................ fir de Wikingercamp den 01.-03. Aprëll 2023 un.

Ënnerschrëft .......................................................................



# … SIXPLO 2023 …
## … Sixer and Sixaine goes Mafia …

Et ass rëm souwäit. Och dëst Joer fënnt den Sixplo statt. Waat dëst Joer aaneschters ass, ass dat mir zu dem Geheimdéngscht, zur Police a souguer zu der Mafia gehéiere wäerten. Wolls DU net schons emmer eng Kéier en Deel vun deenen Organisatiounen sinn?
Da mell dech séier un fir de Sixplo 2023 net ze verpassen!






**Fir Sixer :**
RDV: 29. Abrëll'23 géint 12:45 zu Dippech*
Schluss: 30. Abrëll'23 géint 16:45 zu Dippech*

**Fir Sixaine:**
RDV: 30. Abrëll'23 géint 10h zu Dippech*
Schluss: 30. Abrëll'23 géint 16:45 zu Dippech*

**Präis:** Kritt dir nach gesoot

**Waat brauch dir:** Eng Verkleedung am Thema Mafia / Police / Geheimdëngt, dem Wëllefchen séng 5 Sachen, Bidon a ganz fill Motivation …

POLICE LËTZEBUERG

* Genau Auerzäiten, Rdv & Retour Plaatze wéi och aner Informatioune kritt dir am Laaf vun deene nächste Wochen nach matgedeelt!

Heimadder mëllen ech ………………………………………………………

mäi Kand ……………………………………… un fir de Sixplo 2023.

Ënnerschrëft: ………………………………………………



POLICE LËTZEBUERG

# LBB SCHAFF-WEEKEND



**UN ALL**


**EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALE, CP'en & FRËNN**

D'Fënsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...

Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 13.-14.05.2023 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!!

Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass  Näischt vun Näischt kënnt :):):)

Allerdéngs ass ëmmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser!



**WICHTEG INFOS:**

| | |
|---|---|
| Rendez-Vous: | Den 13.Mee 2023 um ...8 Auer MAT Kaffi<br>..9 Auer OUNI Kaffi |
| Schluss: | Den 14.Mee 2023 um 16 Auer. |
| Wou? | Natiirlech am Home. |
| Waat brauchs du? | Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun... |

**Unmelldung/Souche?**

Dës kanns du oofginn bei engem Chef/Comitésmember oder du schécks e Mail op: **cg@lionsbleus.lu**



Heimat mellen ech _______________________________ mëch fir de Schaff-Weekend am Home fir den 13.-14.Mee 2023 un & kommen Samstes op de Start:

◯ um **8 mat** Kaffi ◯ um **9 ouni** Kaffi (WEG ukraizen)

Datum & Ënnerschrëft: ___________________

**Léif Beaver,**

Är Cheffen hunn eng Entdeckung gemaach! Eng Enveloppe ass am Home ukomm, mee si wëssen net ob se vum Bibu ass oder net. Dofir brauchen si iech. Dir musst hinnen hëllefen eraus zefannen ob déi Enveloppe vum Bibu kennt oder net, an wann jo mussen ma onbedéngt erausfannen wou hien ass d´Scoutsjoer ass gläich eriwwer an mir hunn hien nach net fonnt.

Mell dech ganz schnell un, vir dass mir schnellst méiglech den Bibu erëm fannen!



**Wéini?**
Den 20 Mee 2023

**Rendez-vous:**
20.05.2023 um 14 Auer am Home vun den Les Lions Bleus
**Retour:**
20.05.2023 um 21 Auer am Home vun den Les Lions Bleus



**Präiss:**
**10€** sinn ze iwwerweisen bis den 18.Mee 2023 op den Compte "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: Madagascar23 + Numm vum Participant.

**Souche:**
D´Souche ass oofzeginn bis spéitstens den 6.Mee 2023!

**Waat brauchs du?**
Ganz vill Motivatioun, dem Wieder ugepassten Kleeder, Bidon mat Waasser, een klengen Rucksaack, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Foulard, ...





Heimat erlaaben ech ........................................................................ méngem Beaver

........................................................................ deelzehuelen un der Sortie den 20.Mee 2023


an iwwerweisen d´Suen & ginn d´Souche pünktlech oof!



Ennerschreft .....................................................



**Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?
Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?
Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?
Awer du bass nët geübt am Kloteren?
Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen.
Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët verpass!**



**Rendez-Vous:**
den 20.05.2023 um 10h00_Gare de Luxembourg
**Schluss:**
den 20.05.2023 um 17h00_Gare Bettembourg

**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard,
klenge Rucksaack mat:
gefëllte Bidon, Picknick, Sonnecrême, Kaap an vill Motivation :)

**Praiss:**
**25€** , sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den **29.Abrëll 2023**,
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout

Heimat erlaben ech ........................................................... méngem Scout

.................................................................... op der KloterSortie den 20.Mee'23

vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft: .......................................................



# PËNGSCHT CAMP | FIR DE GRUPP (ab LX)

Wat wier wa mir d'Zäit zeréckdréine kéinten? Wat géife ma alles maache kënnen? Wat kéinte ma alles erliewen? Wéi wier et zum Beispill wa mir eng 800 Joer an d'Vergaangenheet zeréck reese géifen?

... Wëllkomm am Joer 1223!

D'Mëttelalter huet vill ze bidden. Vu Ritterturnéiere bis zu Buergen, vu néien Erfannunge bis zu der Entdeckung vu néie Länner, vu Kinneken a Kinniginnen, asw...
Fir Jiddereen ass eppes dobäi. Du muss onbedenkt dobäi si wa mir an dëst Fantastesch Era andauchen!
Dofir mëll dech séier un, sou dass de nach eng Platz an eiser Buerg kriss!





**RDV?** 27. Mee 2023 virun eisem Home
**Retour?** 29. Mee 2023 virun eisem Home

**Fir ween?** Fir Wëllefcher, Scouten an Explorer

**Präis?** **50 Euro** si bis den 20. Mee ob de Konto LU56 0019 4955 9099 1000 ze iwwerweisen mat der Mentioun: PC + Numm vum Kand.
**Umelldung?** Bis de 6. Mee 2023

**Material?** Schlofsaack & Carrymatt (nëmmen fir SC&EX), dem Wieder ugepasste Kleeder, Pyjama, Wäschsaachen, Buedduch, Wäschsaachen, Kaap, Sonnebrëll, Sonnecrème....

**Heimadder mëllen ech ......................................................... mäi Kand**

**............................................................... fir de Pëngschtcamp**

**vum 27.-29.Mee 2023 un.**



**Ënnerschrëft ................................................**

# Summercamp an der Wallonie
## 19.07.2023 bis de 27.09.2023





Endlech ass et nees esouwäit, een LBB Summercamp fir all Scout, Explorer, Rover a natierlech Tembo fënnt statt! Dëst Joer gi mir zesummen op eng immens Campplatz an der Wallonie, Belsch. Wou mir zesummen onvergiesslech 9 Deeg verbrénge wäerte mat de bekanntste Charakteren aus Belsche Bandes Dessinées! Wanns du dëst onvergiesslech Méiglechkeet net verpasse wëllst, da mell dech ratz fatz UN!













**Départ & Retour:**
Mëttwoch de 19.07.2023 um +-8h30 op der Place de la Gare
Donneschten de 27.07.2023 um +-18h op der Place de la Gare

**Wien dierf mat?:**
Jiddereen ab dem Scoutsalter. Also SC/EX/RO/TB.

**Präiss: → 400€ - 450 €**
Ze Bezuelen an 3 Acompten:
1. Acompte **(non-remboursable)** → 200 € bis den **01.03.2023**
2. Acompte → 150 € bis den **15.04.2023**
3. Acompte → 100 € bis den **01.06.2023** (Gëtt nach confirméiert)

Op den LX Konto: Les Lions Bleus ASBL Wëllefcher – LU56 0019 4955 9099 1000 matt der Mentioun: Summercamp 2023 (xx Acompte) + Numm vum Kand

**SuWa 2023 Dossier:**
All Participant kritt een perseinlechen Dossier fir mat dësen DOKUMENTER ZE FELLEN:
1. Autorisation parentale
2. Copy carte d'identité vum Participant
3. Carte de vaccination (FSME Impfung Optionnal)
4. Air Rescue (Optionnal)

**Obligatoresch Elterenversammlung :**
Jiddereen deen Ugemëllt ass, soll den **22.04.2023** um 16.30 (no der normaler Versammlung) op eis Elterenversammlung present sinn fir wichteg Informatiounen ze kreien.

**Umëlldung oder sos Froen?**
Ob SUWA.LBB.2023@gmail.com matt Numm, Branche an Tshirt gréisst (Yess, dir kritt och ee Camp-Tshirt vun eis ;)).

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 04.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 11.03.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 18.-19.03.2023 | | FNEL SG Explo |
| 25.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 01.+08+15.04.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.04.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 29.04.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 06.-07.05.2023 | | FNEL CP-SP Weekend |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 20.05.2023 | | SORTIE |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Troupenversammlung |
| 22.06.2023 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 24.06.2023 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 04.03.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 04.03.2023 | | FNEL RO/TB QUIZ |
| 11.03.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 25.03.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 26.03.2023 | | 30 Joër MisärHaff |
| 01.+08+15.04.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.-17.04.2023 | | FNEL NepalCamp ab Rover |
| 16.04.2023 | | FNEL TB Daag um MisärHaff |
| 22.04.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 23.04.2023 | | FNEL RO Sortie |
| 29.04.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 06.-07.05.2023 | | FNEL EX Raid |
| 13.-14.05.2023 | | LBB SchaffWeekend ab EX |
| 20.05.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 04.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 11.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 01.+08+15.04.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.04.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 29.04.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2023 | | FNEL BV FunDay |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 20.05.2023 | | SORTIE |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.06.2023 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 24.06.2023 | | SORTIE |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 04.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 11.03.2023 | | SORTIE |
| 18.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.03.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 01.-03.04.2023 | | OUSCHTER CAMP |
| 08.+15.04.2023 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.04.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 29.-30.04.2023 | | FNEL LX Sixplo |
| 06.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 13.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 20.05.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 27.-30.05.2023 | | PËNGSCHT CAMP |
| 03.06.2023 | 14:00 - 16:00 | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 17.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2023 | | FAACKELZUCH & LBB GRILL |
| 24.06.2023 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# RAPPORT G-Versammlung| GROUPE (GR)







Endlech war et erëm esouwäit! Den 17. September 2022 war d'Rentrée an dat néit Scoutsjoer 22/23.

Fir e flotten Start ze garantéieren hu mir eis an der Staat bei der Gellen Fra getraff. No den Gruppen & Branchenfotoen an dem Carré si mer op den SREL Agent Piron gestouss, den eis erzielt huet, dass mir him hëllefen mussen.
D'Persoun X huet den Schlëssel fir d'Lions Bleus Home geklaut, dofir kommen mir nemmi eran an kennen leider keng Versammlungen méi ofhalen! Dofir hu mer Gruppen gemaach, an jiddereen ass op d´Sich no Hiweiser duerch d'Staat gelaf. Wess der, dass en Här am Buedmantel duerch d'Staat leeft, an een den ausgesäit wéi Konfetti?

Ganz Komesch.





Schlussendlech war et dann esou wäit, mir waren net méi wäit focht vun der Persoun X! All zesummen hu mer se gesicht an och schlussendlech fonnt!!
Mer kruten den Schlëssel erëm! D'Persoun X huet erkläert, dass si ons just hëllefen wollt, mee déi Hëllef brauche mer net. Mir passen lo nach vill besser op eisen Schlëssel op!

No dem Schlusscarré si mer alleguer frou, an leider och naass, heemgaangen!

**DAMA**










# RAPPORT Montée| GROUPE (GR)

Et ass erem Oktober an et steet wéi all Joer d'Montee um Programm. D'Scouten an d'Explorer hunn sech am Moien getraff an Trajeten durch d'Staadt gemach. D'Beaver an d'Wëllefcher hunn sech erreicht am Nomëtteg getraff. Do huet dann och schon direkt d'Beavermontee stattfonnt, wou sie déi néi Beaver richteg empfangen hunn. Bei der Wëllefchersmontée konnten och erem vill néi Wëllefcher an der Meute opgeholl ginn. Owes gouf et dann déi berühmten Spaghetti Bolognese fir gestärkt zur Scouts- an Explorermontée opzebriechen. Sonndes ass et dann un déi wichteg Infos fir déi néi Memberen an all Branche gaang. Esou wéi, wat ass den Sixplo oder den Explo? Firwat brauch een Sixainen, Patrullen oder eng Unitéit. Dat alles an nach villes méi gouf erklärt. An oofgeschloss gouf dann mat Gegrills och wann et leider gereent huet. Dat huet awer eis Laun net verschlechtert, well et war eng flott an erfolegreich Monteé.

**Ikki**

SCOUTEN

Mir hunn eis moies op der Gare getraff. Vun do aus sinn mir mat den Koordinaten ,dei mir vun eisen Cheffen kruten, op Hesper gangen. Beim Hesperschlass hunn mir dei nächst Koordinaten fond, an sinn zu Feuß bis bei den Chalet getreppelt. Ennerwee hunn mir am Reen eise Picknick giess eis Kaart nach an d'Wasser gefall. Beim Home unkomm, hunn mir eis fir d'Montée owes prépareiert. Duerno hunn mir zu Owend Spaghetti Bolognese giess. Nom Owendiessen hunn mir d'Montée gemach. Den nächsten Dach hunn mir Kaffi gedronk an hunn hanno eis zweu Patrullen gemach. Nodeem daat gemach wor, hunn mir alles fir d'Grillen prépareiert an hunn duun zu Mettes gies

**Mia Brinster**

# RAPPORT ViizWeekend| ab SCOUTEN (SG/EX/RO)

Moies hunn mir eis beim Home getraff. Dann sinn mir an Form fun engen Tragée ob den Cents gefuer an hunn do eis 1 Äppel opgeraf an gepléckt. Dono hunn mir den Bus op Steinsel gefuer an Sinn do den Bierg eropgelaf. Dann hunn mir op enger Appelplantage déi scheinsten Äppel gepléckt. Dann Sinn mir erëm op Bouneweg bei d' Home gefuer. Do waren d' Explorer schonn amgaangen den Fitz ze machen. Mir hunn Eis an Gruppen agedeelt. Dei eng Grupp huet dobannen gebak an gekacht. Dei aner Grupp huet den Fiitz gemaach:

- d' Äppel wäschen
- déi Faulplatzen ofschneiden an déi deck Äppel an zwee schneiden
- d' Äppel an den Häcksler geheien
- déi mini Äppelstecker an d' Press machen
- d' Press presst dann den Jus aus den Mini-Stecker
- den Fiitz gëtt dann gesift an dann an  Flächen fëllen

Den Owend hunn mir Kürbis-Curry giess an Loupgarou gepielt. Dann sinn mir schlofen gaangen. Den nächsten Moien wollten d' Cheffen eis mei frei aweechen mee se hunn verschlof. Also sinn mir méi spéit. Dann hunn mir mam Fiitz weider gemaach. An alles fir d' Äppelstuff virbereet. Mëttes hunn mir Campingsnudelen giess. Dann sinn d' Elteren an d'Famill laanscht komm. An d' Äppelstuff ass lass gaangen. Mir hunn Fiitz gedronk,Äppeltaart giess an Äppelstrudel giess.

**Sophie Theisen**





# RAPPORT Halloween-WE| BEAVER & MEUTE (BV/LX)

Samsdes, den 29. Oktober hunn eng Reih Monsteren, Skeletter, Hexen, Dämonen a co. Sech géint 9:00 Moies beim Hotel Transilvania getraff. Nom Schwanzklappen a Great Howl, kruuten sie vum Dr. Frankenstein erkläert, dass heen hier Hëllef brauch. Doropshin hunn sie sech op de Wee gemaach, fir him d'Zutaten fir säin Experiment ze beschafen. Eis Gruselgestalten hunn ennerwee bewisen, dass sie gutt zesumme schaffe kënnen an och eppes am Kapp hunn. Souwuel beim Kürbis-TicTacToe wéi bei der Flantermausjuecht a beim Rätsel-Léisen hunn sie hier Stärkte konnten asetzen. Donierft hunn sie dem Dracula gehollef, säi Bett erëm opzebauen an de verschollene Schlëssel vum Hotel fonnt! Den Hotel gouf opgespärt, an zum Gléck hunn d'Monsteren gesinn, dass scho ganz léif aaner Monsteren an der Tëschenzäit dobannen agespaart woren an hier Zäit genotzt hunn, fir eng lecker Kürbiszopp ze préparéieren. En iessen, wat all Zorte vu Monster schmaacht. No dësem Schmaus konnten dunn déi wonnerschéi Better beluecht ginn, déi den Hotel parat hat. Fir ze trentelen haaten eis Monsteren allerdéngs keng Zäit, schliisslech hunn sie de Wee bei den Hotel Transilvania jo aus engem ganz bestëmmte Grond op sech geholl: Fir déi super beléifte Gruselparty Owes! An dofir gouf et nach allerlee firzebereeden. Gutt organiséiert, an 2 Gruppen, hunn déi eng sech dunn em d'Dekoratioun gekëmmert an déi aaner ëm lecker Grusel-Geméis-Snacks. A well et sou schéi wor, gouf duerno getosch. (Falls iergendeen sëch schon ëmmer gefrot huet, wéi ee sénge kleng Monsteren d'Geméis schmackhaft maache kann, mir sinn do folgendermooße virgangen: d'Monseren allerlee Zorte vu Geméis a kleng Häppecher schneiden loossen, engem klénge Kürbis e gruuselecht Gesiicht verpassen an uschléißend mat Frëschkéis fëllen, bis dat e kat*e muss. Nach nie esou séier e sou eng Masse u Geméis verschwanne gesinn.) Laang sëtze mëcht oft hibbeleg, dofir sinn d'Monsteren no dëse Préparatiounen nach eemol erausge-treppelt-torkelt-flunn a co. Dobaussen sinn sie op een zimmlech trauregen Dämon gestouß, an hu kuerzerhand décidéiert, fir dësen seng Lieblingssaachen zesummenzesichen. Déi läscht vun deene 5 Saache wor déi schwieregsten: e 4-bliedregt Kléiblat. Eis fläißeg Monsteren hu gesicht a gesicht, mais leider keent font. Dofir sinn sie awer ganz kreativ ginn (en drai-bliedregt Blat fonnt an ee Blat gedeelt, eng aner Planz als Kléi ausginn, einfach méi vun deenen aanere glécklech maachende Saache bruecht...), esou dass den Dämon am Endeffekt trotzdeem opgemontert wor a prett fir e flotten Owend. Enger läschter Erausfuerderung hunn sech d'Monsteren dunn awer nach virun der Party misse stellen. Sie missten un engem Quiz deelhuelen. Schließlech muss een emol a Party-Stëmmung kommen, an och e puer Saachen iwwert d'Thema wëssen, fir dat et engem net langweileg gëtt. Bei engem Jeopardy, mat Froën a Minispiller a vun engem Draach moderéiert, sinn d'Monsteren an zwou Equippen geinteneen ugetrueden. No dësem flotten Nometteg, wor natierlech jidfereen nees gutt hongerech. Also hunn d'Monsteren sech op déi kat*end Kürbise gestierzt. Als Haptplat gouf et Burgeren vum Chefkach Loup, dem Werwollef, dee firdrunn nach séier e puer Kéi räisse wor.

Wärend e Puer Chef-Monsteren an der Spull erstéckt sinn an de Partyraum nach vollend hunn, hunn déi kleng Monsteren elo, vollgetankt mat Energie, hierem Party-Outfit nach emol de läschte Schlëff ginn. An dann ass et och scho lass gaangen. Empfaange gouf all Monster mat engem bluddege Gedrénks, wou deelweis souguer Aen oder Gehier dra geschwomme sinn. Bei engem Catwalk, konnt du jidfereen säin Outfit an d'Rampeluut stellen a présentéieren. Dësst huet wuel esou vill Spaaß gemaach, dat op emol d'Bün fir Spagat an Rad opgaangen ass. Bei weidere Spiller wéi dem Mumiespill an Danzen, gouf dunn den Owend ausklénge gelooss. Well d'Zäit geréckelt gouf, an d'Nuercht dowéinst eng Stonn méi laang gedauert huet, hunn eis Monstere kuerzerhand décidéiert, dass sie dat net flott fannen. Dofir wor am Hotel Transilvania um 6:30 schon nees eng elle lass. Fir d'Gewibbels auszeliewen, ass dann emol en ausgiebege Frühsport gemat ginn, iert d'Monsteren dunn um Kaffisdesch geland sinn. Nom Iessen hunn d'Hotelsgäscht dann nees hier siwe Saachen zesummegepaakt an sëch zesummefont fir eng Ronn Loup-Garoup an nach wieder Spiller. An der Tëschenzäit woren hunn d'Käch ganz fläißeg d'Bolognese fir Mëttes préparéiert. Mëttes huet d'Bolo och ganz gutt gemundet, an duerno hunn d'Monsteren sech nees eraus gemaach, well en allerläscht, groußt Spill op sie gewaart huet, Stratego. Menschen, Dracula'en, Zombien an aner gruseleg Gestalten missten sech heibai an zwee Teams géigensäiteg fänken. Zum Schluss ass dann nach ee Meckercarree gemaach ginn, an deem all Monster an all Dämon konnt präisginn, wat um Weekend gefall huet a wat net sou flott wor. Duerno ass jiddferee mitt a glécklech nees op d'Heemrees opgebrach. **FUGU**








# RAPPORT FNEL Kachduell| EXPLORER (EX)

Den 05.11 hunn mir eis fir den EX Kachduell bei dem Home vun der FNEL um Cents getraff. Mir goufen alleguer an 13 Gruppen agedeelt déi net eisen richtegen Gruppen entsprach hunn. Dat war awer net wieder schlëmm well mir eis schnell verstan hunn. Dunn ass et scho lass gaangen mir kruten d'Rezepter fir eisen Menü. D'Entrée waren Gromperekichelcher mat Äppelkompott, den Haaptplat selwergemaache Linguine mat Kürbis an den Dessert en Keschtenbiskuit mat enger Mascarponecrème. Mir haten vun 14.00 Auer bis 18.00 Zäit bis eis Entrée zerwéiert gouf.
Mir goufen op Goût, Ausgesinn, Kréativiteit (well mir d'Rezept veränneren konnten) an Teamwork bewäert. An mir hunn och just fir d'Jury gekacht, also waren et kleng Quantitéiten mat deenen mir gekacht hunn. Ausserdeem missten mir eis fir en Teamnumm decidéieren. Dem Kiara seng huet ... ,dem Nora seng Braikäpp an meng Muskatnuss geheescht.
Bei der Entrée hat meng Grupp nach zousätzlech eng Kürbiszopp dobäi gemaach well Gromperekichelcher traditionell mat Zopp zerwéiert ginn. Duerno hunn mir eis direkt erëm druginn eis selvergemaachten Linguine mat Kürbis ze maachen an scho eisen Dessert virzebereeden. Fir den Dessert hunn mir zimmlech laang Eewaiss op der Hand geschloen well mer net wossten dass et en Mixer géing gi. D'Schmaachen vun der Entrée huet bei dem Jury méi laang gedauert wie geduecht an donstegst sinn d'Zäitpläng e bësse duercherneen geroden an mir missten d'Nuddelen fir 2 statt 7 Minutten an nach net kachendem Waasser kachen. Komescherweis woren des duerno trotzdeem duerch an hunn wuel och gutt geschmaacht. Bei Dessert woren all d'Gruppen total duercherneen. Mir hunn eisen Biscuit, well mer keen Uewen haten, an engem Wasserbad probéiert ze "baken". Dat hat och geklappt just dass mir et erauskrazen missten an et besseren wei Gehacktes op Maskarponecrème ausgesinn huet. Eis Grupp huet direkt ugefaange spullen ze goen wat eng gutt Iddi war well méi spéit jiddereen hingelaaf ass an spulle wollt. Mir kruten dann och eppes ze iessen mee jiddereen huet, well et fill ze naschelen gouf, den Bauch voll gehat.
Schlussendlech goufen nach d'Gewënner verkennt Muskatnuss huet gewonn em en hallwen Punkt gefollegt vum Kiara sengem Grupp. Et goufen nach Fotoen gemaach, Badge verdeelt an dunn ass scho jiddereen heem gaangen. **Amélie**

# RAPPORT Sortie| TROUPE (SG)












# RAPPORT Chrëschtmaart| GROUPE (GR)



LBB Chrechtmaart 02.12

Den Kleeschen koum och dest Joer nees op eisen LBB Chrechtmaart!
Do gouf ët Glühwäin, gudde Schocki, Boxe-männchen an ganz wichteg: Lagerfeier. Wéi ëmmer huet de Kleeschen den Beaver, Wellefcher, Scouten an Explorer eppes fiirgedroën, waat séng Engelcher him am Fiirfeld geflüstert hunn. Sou haaten mir all zesummen en flotten Owend..

**DAMA**









# PHOTOS Weekend| ROVER/TEMBO (RO/TB)











# RAPPORT Sortie| MEUTE (LX)



Rapport Schlittschong Sortie 17.12.2022
De 17. Dezember ass et erëm op d'Eis gaangen. Mir hunn eis Moies beim Parking vun der Kockelscheier getraff. Lass gaangen ass et da mat der Noriicht dat de Falko Fuuss eis als éischt teste wëll befir mir Schlittschong fueren dierfen. Mir sollen him beweisen dat mir eis an der Natur auskennen a wësse mat de Bewunner ëmzegoen. Dofir misste mir bei verschiddene Poste ronderëm de Séi eist Wëssen an eis Fäegkeeten op d'Prouf stellen an zum Beispill weisen, dat mir verschidden Déierespueren erkennen.
Et war zwar wierklech kal mee mir hunn et gepackt a konnten eis da bei Picknick an Téi erëm opwierme befiert et dann endlech op Schlittschongpiste gaangen ass. Do hunn mir eis da richteg ausgetoobt, den een oder aneren Trick probéiert an zesumme vill Spaß gehat. **Ikki**








# RAPPORT LBB Assemblée| GRUPP (GR)









Samstes den 21.Januar 22 um 15:00 war den RDV bei der FNEL um Cents. Nom Carré konnten mer direkt mat eiser Aarbecht starten. All Branche huet een aneren Deel vum Menü preparéiert. D'Beaver hunn Mini-Pizzas preparéiert, d'Wëllefcher 4 verschidden Zaloten, d'Scouten den Tiramisu an d'Explorer Bliederdeeg-Fingerfood. Zum Schluss, nodeems alles preparéiert war, si mer raus an den Schnéi spillen gaangen.

Um 18:00 konnt dann och schlussendlech d´ Assemblée Générale lassgoen.







# RAPPORT FNEL CityTrip| CHEFFEN (CH)





Cheffe City Trip 28-29 Januar

Endlech war et erëm esouwäit. Duerch d'Corona Pandemie gouf dësen Weekend ëmmer nees annuléiert an reportéiert. Fréi Moies war schonn den Treffpunkt.
Am Ganzen si 50 Cheffen aus villen verschiddenen Gruppen mam Bus op Maastricht gefuer.
Dohannen ukomm, ass et mat engem Rallye duerch d'Stad lassgaangen. Gruppeweis hu mer versicht, d'Rätselen ze léisen an historesch bekannt Platzen ze fannen.
Wousst der, dass et zu Maastricht eng Kierch gëtt, déi eng Zäit als Prisong genotzt gouf? Oder dass d'Kautioun fir en E-Bike dohannen 100 Euro kascht?
No dem Rallye si mer all zesummen iessen an eppes drénken gaangen.

No méi, oder manner Schlof hu mer eis moies um Kaffisdësch erëmgesinn.
Den lëschten Programmpunkt war eng Bus- an Bootstour. Sonndes Nomëttes, géint 17:00 si mer dann all zesummen gutt midd, awer frou, heem-gefuer.

**Dama**












# LBB Léo Léif



Dem
**LEO LEIF**
séng Lieblings-OuschterHuesen-Kichelcher:

**Was benötigst du hierfür:**
- 1 Ei
- 2 Eigelb
- 600g Mehl
- 400g weiche Butter
- 200g Zucker
- 1 Vanilleschote
- 1 Zitrone, unbehandelt, Abrieb davon
- Prise Salz
- Hasen Keks Ausstecher (ca. 8 cm groß)

Einfach alle Zutaten zu einem Teig verquirrlen und zur Not noch mit der Hand verkneten. Am besten den Mürbteig ca 30 Minuten im Kühlschrank kühlen. Falls es eilt, geht es aber auch ohne kühlen. Die Arbeitsfläche mit etwas Mehl bestäuben, den Teig etwa 3mm dick ausrollen und die Osterhasen mit den Keksausstechern ausstechen. Mit etwas Abstand auf ein mit Backpapier belegtes Blech legen und bei 180 Grad, Ober- Unterhitze, für ca. 10 Minuten in den Ofen schieben.



Oster-Kekse verzieren
Nach dem Abkühlen können die Oster-Kekse nach Belieben verziert werden. Da ist der Fantasie keine Grenzen gesetzt. Für meine Version habe ich einmal einfach halbe Giotto-Kugeln als Schwänzchen mit etwas Zuckerguss aufgeklebt. Die anderen Oster-Kekse habe ich mit Zuckerguss ausgefüllt und dann die halben Giotto-Kugeln daraufgesetzt. Für den Zuckerguss einfach Puderzucker mit etwas Wasser vermischen. Je weniger Wasser, desto dickflüssiger wird er. Ich umrande den Keks immer erst mit einem sehr dickflüssigen Zuckerguss und einer dünnen Spritztülle und fülle es dann mit einem dünnflüssigeren Guss und einer dickeren Tülle aus. Somit ist alles schön ausgefüllt, ohne, dass es überläuft. Alles trocknen lassen und fertig sind sie. Jetzt dürft ihr noch jeweils eine halbe Giotto-Kugel auf den Popo kleben mit etwas Guss.



Die Kekse eignen sich übrigens auch perfekt für eine Hasen-Torte zu Ostern. Das passende Rezept mit Karottenkuchen und Frischkäsefrosting findet ihr auch hier auf dem Blog. Und wer noch gerne etwas mehr Osterhasen-Inspiration braucht, wird bei mir sicher fündig. Übrigens findet ihr auch eine wunderschöne Version der Hasenkekse mit Giotto-Popo in Pastell bei mir, einfach hier entlang.





## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

**T-SHIRT & HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt 17€



Knuet 5€




Pullover 30€



Foulard 10€

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... 04/02/2023 ... 22/04/2023 ... 17/06/2023 ...

# COTISATION 2023

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un.
Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **30,00** Euros op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.
Fir dës **30,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen, den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder soss opwenneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 2023 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.





# WOSM & FNEL NEWS

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 04.03.2023 | RO Quiz |
| 11.-12.02.2023 | Bosses & Bobos 2 |
| 17.03.2023 | Soirée CG |
| 18.-19.03.2023 | SG Explo |
| 01.-16.04.2023 | OuschterVakanz |
| 16.04.2023 | TB Daag um Misärshaff |
| 23.04.2023 | RO ProduzentenTour |
| 22.-23.04.2023 | Bosses & Bobos 3 |
| 29.-30.04.2023 | LX Sixplo |
| 06.-07.05.2023 | SG CP Weekend |
| 06.-07.05.2023 | EX Raid |
| 09.05.2023 | BV FunDay |
| 14.05.2023 | MaykaDifference |
| 27.05-04.06.2023 | PëngschtVakanz |
| 11.06.2023 | RO/TB Beachvolleyball |
| 22.06.2023 | Faackelzuch |
| 01-16.04.2023 | Camp NEPAL |
| 01-12.08.2023 | JAMBOREE an Korea |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann eis Blo Léiwen Famill gewuess ass, an elo em een Member méi grouss ginn wiir.
02) dat op d'Nofro un Scoutismus eis Fédération lo flaisseg dobai ass weider Gruppen am Land opzemaan.
03) wéi wann mer op eisem traditionellen SchaffWE am November mat villen Hänn schéin flaisseg woren.
04) dat eis Kombi-Aktivitéit ugangs Dezember Chrëschtmaart & Kleeschen ëmmer nees méi Uklang fënnt.
05) wéi wann d'FNEL no deem Ganzen GePandemiiiiis nees een CH CityTrip am Ausland organiséiert haat.
06) dat mir bei den LBB nach ëmmer op der Sich sinn no motivéierten Cheffen > dofir komm bei eis ;)
07) dat den Lynx schon méi laang op der Sich no engem speziellen Automodell wor an lo fündeg ginn ass.
08) wéi wann och dës Joër eng gudd Stëmmung haaten mat ganz vill tapferen Frischlingen an Techuana.
09) dat Jiddereen sëcher eisen Misärshaff schon gudd/laang kennt, an schon schéin Erliewnisser do haat.
10) wéi d'CH-Ekipp sech zesummen gesaat huet fir e flotten S-Camp op d'Been ze stellen an der Wallonie.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat d'Inia/Vari Elteren ginn sinn an der F-Vakanz an mir hinnen vill Spaass wënschen an der kl.Famill.
02) wéi wann mir dann lo d'Hesper Kriibsen ab elo härzlech Wellkomm heeschen kënne bei der FNEL.
03) dat mer am Mee deen nächsten geplangt hun, wou dann och eng Iwwerraschung ze erwaarden ass.
04) wèi wann mer dest esou wärten baibehaalen, an mir eis schon freen op nächst Joër dech do ze besinn.
05) dat ët dann Richtung Maastricht gaang ass wou och puer Cheffen vun den LBB profitéiert hun firm at ;)
06) wéi wann daat eng Challenge kéint sinn an flott Saachen erliewen wärt an sou engem Engagement.
07) dat hien dofir extra mat séngem Papp op Teneriffa geflunn ass fir daat Gefier sichen ze fueren.
08) dat deen aalen Hues mat sénger kl.Escapade erop/ronderem...op Bertahütte dës nët konnt änneren.
09) wéi wann den Misärshaff schon 30 Joër kritt an DIR all Härzlechst invitéiert sidd den 26.03.2023.
10) dat na Plaatzen frai sinn, dofir maach Ierch bai/mellt Ierch un fir dat der mat dobai kënnt sinn (ab SG...)

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, Anonyme TS, Fam.Hebeler-Simon, Fam.Konsbruck-Droulans, Fam.Rod-Keller, MME Reifenrath Katrin, ...

# AGENDA | März-Mai'23

## märz'23

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| Sa | 4 | BV/LX/T V/EX<br>**FNEL RO/TB Quiz** |
| So | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | |
| Do | 9 | |
| Fr | 10 | |
| Sa | 11 | BV/PV/EX<br>**LX - Sortie** |
| So | 12 | |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| Sa | 18 | BV/LX/EX<br>**FNEL SG Explo** |
| So | 19 | **FNEL SG Explo** |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | |
| Do | 23 | COMITE |
| Fr | 24 | |
| Sa | 25 | BV/LX/T V/EX |
| So | 26 | **30 Joër Misärshaff** |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | |

## abrëll'23

| | | |
|---|---|---|
| Sa | 1 | **LX OuschterCamp**<br>**FNEL NEPAL Camp** |
| So | 2 | **LX OuschterCamp**<br>**FNEL NEPAL Camp** |
| Me | 3 | **LX OuschterCamp**<br>**FNEL NEPAL Camp** |
| Dë | 4 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Më | 5 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Do | 6 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Fr | 7 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Sa | 8 | **FNEL NEPAL Camp** |
| So | 9 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Me | 10 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Dë | 11 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Më | 12 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Do | 13 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Fr | 14 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Sa | 15 | **FNEL NEPAL Camp** |
| So | 16 | **FNEL TB Daag um MH**<br>**FNEL NEPAL Camp** |
| Me | 17 | **FNEL NEPAL Camp** |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | |
| Do | 20 | COMITE |
| Fr | 21 | |
| Sa | 22 | BV/LX/T V/EX |
| So | 23 | **FNEL RO Sortie** |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| Sa | 29 | BV/PV/EX<br>**FNEL LX Sixplo** |
| So | 30 | **FNEL LX Sixplo** |

## mai'23

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| Sa | 6 | BV/LX/T V<br>**FNEL CP-WE / EX-Raid** |
| So | 7 | **FNEL CP-WE / EX-Raid** |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | **FNEL BV FunDay** |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| Sa | 13 | BV/LX/PV<br>**LBB SchaffWeekend ab EX** |
| So | 14 | **LBB SchaffWeekend ab EX** |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | |
| Fr | 19 | |
| Sa | 20 | LX/EX<br>**BV + SG Sortie** |
| So | 21 | |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | COMITE |
| Fr | 26 | |
| Sa | 27 | **PëngschtCamp** |
| So | 28 | **PëngschtCamp** |
| Me | 29 | **PëngschtCamp** |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT






*** THATS ALL FOLKS ...**